# Sinn d'Elteren un allem schold?

Hubert Hausemer

D'Schoul bleift an eisem Land en Dauerthema: nei Reforme ginn ugesot, anerer solle korrigéiert ginn, et kënnt een ëmmer nees zréck op déi erschreckend Zuel vun den *échecs scolaires* a vun de Schoulofgänger ouni Diplom, dann och déi relativ wéineg Schüler déi op d'Uni ginn, an esou weider.

Et gëtt vill geklot, mä d'Kloe si natierlech net ëmmer déiselwecht je nodeem vu wellechem Schoulpartner se kommen, ob aus dem Ministère, vun dem Léierpersonal, de Schüler oder den Elteren, fir nëmmen déi 4 wichtegst vun deene Konzernéierten ze nennen.

Heizuland komme vrun allem vun den Enseignante Kloen an Ukloen géintiwwer den Elteren. Si wiere vill schold un dem schoulesche Misär, dorunner z. B. datt d'Schüler wéineger fläisseg wiere wéi fréier, ondisziplinéiert, wéineger konzentréiert an interesséiert a.s.w. Wat ass richteg un dëse Virwërf?

Ech kann héi nëmme meng Meenung soen, déi vläicht selwer net ganz richteg ass an diskutéiert ka ginn. Ech baséiere mech dobäi drop, datt ech laang Zäit Enseignant war an zugläich och zu den Eltere vu Schüler gehéiert hunn, laang genuch, a béid Fäll, fir eng Evolutioun feststellen ze kënnen. Dat mécht natierlech aus mir keen Expert. Duerfir si meng Usiichte mat Virsiicht ze genéissen, mä och net ouni weideres vum Dësch ze wëschen.

Meng Äntwert op d'Fro: si vrun allem d'Elteren um Schoulmisär schold? ass natierlech: neen. Mä ech setzen direkt derbäi: si sinn awer op alle Fall mat schold.

An deene 36 Joer, wou ech Schoul gehalen hunn an en Deel dovun parent d'élève war, huet sech an der lëtzebuerger Gesellschaft vill geännert, wat ë. a. dat deeglecht Liewe vun de Schüler betrëfft. Ech géing hei 3 Verännerunge nennen, déi mir entscheedend schéngen:

- an der Aarbechtswelt: ëmmer méi oft ass et de Fall, datt béid Elterendeeler beruflech täteg sinn an datt se dës Tätegkeet dobäi iwwer mëtteg ausüben. Dat heescht datt d'Kanner mëttes net heem kommen, a wa se nomëttes aus der Schoul kommen, da sinn d'Elteren nach net do. Dat ass fir d'éischt mol eng reng objektiv Feststellung a kee Virworf un d'Adress vun den Elteren. D'Fro ass just, wéi d'Elteren sech sou enger Situatioun stellen.

- An der Fräizäit: d'Offer u Fräizäitbeschäftegung, doheem oder ausser Haus, ass immens gestiegen, a well den Duerchschnëttswuelstand och geklommen ass, stinn dës Beschäftegungen, Apparater, Medien, Reesen méi oder wéineger jiddfer Schüler zur Verfügung. Dat kënnt duerchaus positiv Auswierkungen hunn, am Sënn vun anere Léieraarten, Horizonterweiderung, Kontakter a.s.w. *De facto* awer schéngt mir, datt et éischter zu Demotivéierung, Konzentratiounsschwächt, Duerchenaner a schoulescher Faulheet bäidréit. Och hei erëm d'Fro: wéi ginn d'Eltere mat dësen Emstänn ëm?

- D'Gesellschaft als Ganzt ass liberal a vrun allem pluralistesch ginn. Dat huet vill Vir-, mä awer och Nodeeler. Positiv ass déi méi grouss Fräiheet an déi grouss Zuel vu Liewensgestaltungsméiglechkeeten. De Problem ass, besonnesch fir d'Schüler, d'Tatsaach, datt dës Gesellschaft permissiv ass an deene jonke Leit kaum Halt an Orientéierung gëtt. Och do wieren eigentlech an éischter Linn d'Eltere gefuerdert.

Wéi ech selwer viru 50 Joer Schüler war, war dat alles anescht. Ech well dës Zäit absolut net idealiséieren, mä ech kann nëmme feststellen, datt déi 3 genannte Verännerungen deemols kaum ugefaangen haten. Sou war ëmmer op d'mannst een Elterendeel doheem present: d'Elterenhaus huet aktiv matgeléiert. D'Fräizäitgestaltung war vill méi léierfreedeg, well d'Offer manner grouss war:

**D'Schüler doen mir haut eigentlech e bësse leed: a viller Hisiicht si si eleng gelooss, an éischter Linn vun hiren Elteren, an dann awer och vum gesellschaftlechen Ëmfeld, a vun der Schoul.**

och d'Fräizäit huet matgeléiert. An d'Gesellschaft war méi eenheetlech, si huet materzunn an huet matgeléiert.

Ech géing dat eemol sou formuléieren: mir haten deemols vill Chancen; eng Aart onsichtbaren an onbemierkten Zwang huet sech zumindest wat d'Schoul an d'Erzéiung ubelaangt, positiv op eis ausgewierkt. Emgekéiert doen d'Schüler mir haut eigentlech e bësse leed: a viller Hisiicht si si eleng gelooss, an éischter Linn vun hiren Elteren, an dann awer och vum gesellschaftlechen Ëmfeld, a vun der Schoul.

Ech bedaueren d'Schüler vun haut. Mä dës Situatioun däerf net higeholl ginn, an all Schoulpartner hunn eng eege Verantwortung:

- D'Elteren: si mussen aktiv no hire Kanner kucken, se erzéien, motivéieren a begleeden. An dat gëlt fir d'Lëtzebuerger wéi fir d'Auslänner.

- D'Gesellschaft, an dat heescht vrun allem d'Politik: d'Schoul muss sou organiséiert ginn, datt déi virdru genannten Defiziter kënnen opgefaang ginn.

- D'Léierpersonal: et muss sech der konkreter Liewenssituatioun vu senge Schüler bewosst ginn an hir Rechnung droen; och dat gehéiert zu sengem Opdrag.

- Schliesslech d'Schüler selwer: déi genannte gesellschaftlech Verännerunge si keen Alibi fir sech kommen ze loossen a säi Schoulschicksal net selwer an d'Hand ze huelen. Si mussen hir eigentlech Interesse kloer gesinn a sech deementspriechend an der Schoul verhalen.

*Fräie Mikro um radio 100,7 all mëttwochs um 07.55 an 12.50*
*Fräie Mikro vum 14.6.2006*

forum

Gutschein für die drei kommenden Ausgaben

Name: ....................................................................................
Vorname:..................................................................................
Adresse: .................................................................................
..............................................................................................
PLZ: .................... Ort: ..........................................................
Tel.: ..................... e-mail: ....................................................

Bitte ausfüllen und einsenden an :
***forum a.s.b.l***
1, place Sainte-Cunégonde
L-1367 Luxembourg-Clausen
Konto CCP: IBAN LU83 1111 0611 5444 0000

Tél.: +352 42 44 88
Fax: +352 42 44 99
e-mail: forum@pt.lu

**forum**

für Politik, Gesellschaft und Kultur

gegründet 1976
Herausgeber: *forum* a.s.b.l.
Durchschnittliche Auflage: 1 900 Expl.
10 Ausgaben im Jahr

ISSN 1680 - 2322

**Ständige Mitarbeiter**
Jean-Paul Barthel, Lex Folscheid, Olivier John,
Michel Pauly, Jürgen Stoldt, Viviane Thill

**Koordination** Lynn Herr

**Sekretariat** Tanja Schnitzler

**Autoren dieser Ausgabe**
Stefan Bauer, Meryem Benbrahim, Christoph Butterwegge,
Dieter Ewringmann, Julia Georgi, André Grosbusch,
Gérard Kieffer, Raymond Klein, Hubert Hausemer,
Stephan Müllenborn, Michel Pauly, Luc Reuter,
Tom Schaul, Ingrid Spiller, Viviane Thill, David Wagner

**Interviewpartner dieser Ausgabe**
Jean-Marie Halsdorf, André Weidenhaupt

**Originalillustrationen** Olivier John

**Foto Cover** © Photothèque de la Ville de Luxembourg

**Druck** c.a.press, Luxembourg-Hamm

Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder. Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung.
© 2006 by *forum* a.s.b.l.

**Bezugspreise**
Einzelheft..........................................5 Euro
Jahresabonnement...........................42 Euro
Jahresabonnement im Umschlag.....54 Euro
Studenten, Arbeitslose und
Geschenkabonnements....................34 Euro
Jahresabonnement im Ausland........54 Euro

Überweisungen auf das
*forum*-Postscheckkonto
IBAN LU 831111061154440000
mit dem Vermerk "Neuabo ab Nr… "

Wir danken der *forum*-Fördergemeinschaft und dem Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche für ihre finanzielle Unterstützung.

**1, place Ste Cunégonde**
**L-1367 Luxembourg**
**Tel.: 42 44 88 Fax: 42 44 99**
**E-mail: forum@pt.lu**
**Bürozeiten: Montag bis Freitag, 9-12 Uhr**
**www.forum-online.lu**